Lëtzebuerg, de 25. Määrz 2021

Monsieur Fernand ETGEN
Président de la Chambre des Députés
LUXEMBOURG

DEMOKRATESCH PARTEI

Chambre des Députés
Groupe Parlementaire

9, rue du St. Esprit
B.P. 510
L-2015 Luxembourg

Tel. : 22 41 84 1
Fax : 47 10 07

dp@dp.lu
www.dp.lu

Här President,

Esou ewéi den Artikel 83 vum Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech dës parlamentaresch Fro un d'Madamm Inneministesch an un d'Madamm Kulturministesch:

*„Viru Kuerzem sinn ech op e Problem opmierksam gemeet ginn, datt mobille Patrimoine aus deene rezent desakraliséierte Kierchen a Kapellen verschwënnt. Dës Gotteshaiser si meeschtens just iwwer de PAG vun de Gemenge geschützt an de Service des sites et monuments huet deemno keen Afloss op d'Erhale vum mobille Patrimoine.*

*De Mobiliar kann am Besëtz vum Kierchefong bleiwen. Wann d'Gemeng no der Desakraliséierung gären hätt, datt d'Kierch eidel geraumt gëtt, respektéiert de Fong dee Wonsch. Ewéi et mir zougedroe gouf, kucken déi Verantwortlech vum Fong dann, wat si vum Mobilier nach kënnen anerwäerteg gebrauchen, an de Rescht géif versteet ginn.*

*An deem Kontext wollt ech der Madamm Inneministesch an der Madamm Kulturministesch folgend Froe stellen:*

1. *Kënnen déi zoustänneg Ministere bestätegen, datt de Mobiliar, deen de Kierchefong net méi brauch, versteet gëtt?*
2. *Wa jo, wier et net eventuell ubruecht d'Gesetz a besonnesch den Artikel 13 am Sënn ze änneren, datt den historesche Mobiliar zu der Kierch gehéiert an och no der Desakraliséierung muss an der Kierch erhale bleiwen, wann dëse vun historeschem Wäert ass an d'Miwwel u sech zesumme mam Héichaltor an anere Miwwel oder immobille Géigestänn ee kulturhistoresch wäertvollen Ensembel bilden?*
3. *Kéint d'Madamm Kulturministesch sech an deem Fall och eng méi enk Zesummenaarbecht mam Service des sites et monuments virstellen?*

4. *Wéi geséich an deem Fall d'Responsabilitéit vun de Gemengen aus?*

Här President, ech soen Iech villmools Merci, datt dir dës Fro weiderleet a gréissen Iech héiflech.

André BAULER
Deputéierten